




MAGAZINE OFFICIEL DE L'ASSOCIATION
NATIONALE DES INFIRMIÈRES
ET INFIRMIERS DU LUXEMBOURG

September 2022

ANILnews

Evidence Based
Nursing



PERIODIQUE



Envois non distribuables à retourner à:
L-3290 BETTEMBOURG

PORT PAYÉ
PS/506

Traitement d'une brûlure au 2^e degré avec Flaminal[®] Hydro

Cause de la brûlure : contact avec une cigarette, pas d'antécédents



Jour 1



Jour 2



Jour 8



Jour 29

Traitement :

- ◉ 8 jours avec Flaminal[®] Hydro - Changement quotidien du pansement
- ◉ Flamigel[®] à partir du 9 jour - Pour une cicatrisation optimale

Propriétés antimicrobiennes



- ✓ Protection antimicrobienne¹
- ✓ Activité bactéricide rapide²
- ✓ Risque minimal de développement de résistance³

Conditions de plaie optimales



- ✓ Milieu humide⁴
- ✓ Optimisation de l'exsudat⁴
- ✓ Débridement et élimination du tissu nécrotique⁴
- ✓ Non cytotoxique = sûr²
- ✓ Facile à utiliser¹

UN CHOIX EFFICACE ET SANS DANGER POUR VOS PLAIES



WWW.FLENHEALTH.COM
PLUS DE CAS ICI



CE 0344

1. Mode d'emploi Flaminal[®] Hydro et Flaminal[®] Forte

2. De Smet, K. et al. Pre-clinical evaluation of a new antimicrobial enzyme for the control of wound bioburden. Wounds. 2009, 21(3): 65-73.

3. Gottrup, F. et al. EWMA document: antimicrobials and non-healing wounds – Evidence, controversies and suggestions. J Wound Care. 2013, 22 (5 suppl.): S1-S92 WHO Definitions

4. Jones, J. et al. TIME to assess wounds – a clinical evaluation of Flaminal[®]. Wounds UK. 2018, 14(3): 63-69

SOMMAIRE

Edito

Anne-Marie HANFF 1
Présidentin vun der ANIL
Présidente de l'ANIL

Actualités de l'ANIL

Nomination des premiers professeurs
en sciences infirmières 3

Network Clinical Nursing
Sciences Luxembourg 4

Resumé: Firststellung an zukunfts-
gerichtet Diskussioun vun der
LëtzeCare Etüd. Aarbeschtsufoerderungen
am lëtzeburger Fleegesecteur 5

Etude Letz-Care - Résumé: Présentation
et discussion prospective de l'étude
LetzCare. Exigences de travail dans
le secteur des soins au Luxembourg 9

Carte Blanche: D'Kompetenz ze
wëssen, wat mir net wëssen 13

Journées des bonnes pratiques 15

Actualités professionnelles

Pflegewissenschaft im
Krankenhausalltag. Geht das? 17

Wie funktioniert
Evidenzbasierte Pflege? 19

Fachtexte suchen, finden und
verstehen - eine Einführung 22

Les infirmiers de recherche clinique:
un maillon indispensable au progrès
de la médecine 27

Aperçu du quotidien d'une scientifique
en soins infirmiers 31

Emanzipation der Pflege und
das „gehobene Bürgertum“ 33

Palliativ Geriatrie zu Lëtzebuerg 37

«Zesumme géint de Wéi» 39

Beispiele an Forschungsprojekten 42

ANIL News

Magazine officiel de l'Association Nationale
des Infirmières et Infirmiers du Luxembourg
Editeur responsable: ANIL - Association Nationale
des Infirmières et Infirmiers du Luxembourg
B.P. 1184 - L-1011 Luxembourg

Secrétariat de l'Anil:

Tél.: 49 58 09 - Fax: 40 85 85
e-mail: anil@anil.lu · www.anil.lu

Comité de rédaction:

Anne-Marie Hanff, Marie-France Liefgen,

Photos: ANIL, istockphoto

Impression: Imprimerie Heintz, Pétange

Avis: La reproduction, même partielle, des articles
du magazine Anil News est interdite sans autorisation
préalable. Les articles publiés n'engagent que la
responsabilité de leurs auteurs.

Mir verdéngen näischt manner wéi dat!



Léif Memberen,

2022 ass zu Enn gaangen an ech well kuerz op d'Joer zeréckblécken. Am Hierscht gouf d'LëtzeCare Etüd virgestallt an zukunftsgerichtet diskutéiert. Dës gouf duerch d'Universitéit Lëtzebuerg mat Ënnerstëtzung vun der ANIL duerchgefuert an huet eis erméiglecht, ouni Polemik op Basis vun Fakten ze diskutéieren. D'Präsentatiounen kennt dir all op eisem Site nokucken. Fir eppes wat vill vun eis schonn am Gefill haten kruten mir elo eng Zuel: **Méi wéi 70% vun den Infirmièren an Infirmieren hunn am vergaangenen Joer mindestens 1x doriwwer nogeduecht den Beruff ze verlossen.**

Hauptgrond: Burnout duerch héijen Aarbeschtsopwand.

Elo mussen Léisungen hier - an zwar schnell! D'Politik an d'Patronat spillen heibäi eng wichteg Roll.

Mee wat mir heefeg vergiessen sinn déi elementar Roll an den Pouvoir vun den Infirmièren an Infirmieren. Mir sinn déi gréissten Berufsgrupp am Gesondheetswiesen! Mir hunn eng Penurie vun dësem essentiellen Beruff ouni deen den Gesondheetssystem zesummen brieche géng. An England streiken d'Infirmièren an Infirmieren zum Wuel vun den Betraffenen. Hinnen geet et elo duer, „Enough is enough!“ an ech ënnerstëtzen hier Forderungen zu 100%! **Zu Lëtzebuerg mussen mir ophalen doriwwer ze diskutéieren wat eng gutt Fleeg kaschten dier! Mir mussen doriwwer diskutéieren wat se kaschten soll!** Wosst dir z.B., dass säit den 90er Joren d'Memberen vun der Nomenklaturkommissioun géint all Infirmiersakten op initiative propre gestëmmt hunn? Elo stellt iech fir, mir géingen fir een Dag nëmmen déi Akten maachen, déi mir och bezuelt kréien an gläichzäitig géinge mir erklären, wat mir alles nach kéinten maachen, wann mir d'Moyenen dofir hätten? Déi fleegbedierfeg Leit an d'Familljen (déi missten asprangen) géinge mir iwwer d'Hannergrënn opklären. Dëst wier eng immens effektiv Ëffentlechkeetscampagne! Mir sinn eis seelen bewosst, dass mir net ofhängeg sinn vun der „Gutmütgeeket“ vun den Aneren!

D'Pandemie huet eis all verännert. Wat mir virun der Pandemie ausgehalen hunn, mussen mir eis elo net méi gefalen loossen! Och mir hunn en Recht op eng Aarbecht, déi eis net krank mëscht. Mir kennen eis Rechter afuerderen an eis aktiv fir eng Verbesserung asetzen. Fir d'Joer 2023 setzen ech mech mat der ANIL (ënner anerem) weiderhin dofir an, dass d'Infirmière an den Infirmier:

- laangfristeg en adequaten Status an der Gesellschaft kréien,
- deementspreechend och unerkannt an respektéiert ginn,
- Garantien kréien fir bei Entscheidungen déi d'Gesondheetsversuergung an Fleeg betreffen, mat um Dësch ze setzen,
- genuch Ressourcen kréien an vun onnéidegen Tâchen entlaascht ginn,
- Kompetenzen forméiert (Bachelor an Infirmière de Pratique avancée) an unerkannt (Attributiounen) kréien, déi si brauchen fir déi Betraffenen ze versuergen (bspw. klinesch Ënnersichung, ...), an
- rechtlech an monetär ofgeséichert ginn, wann si an hirem rôle propre net als Assistent vum Dokter schaffen (Reform vun der Finanzéierung, Nomenklaturkommissioun).

Den System zu Lëtzebuerg muss sech grondleeënd verännern, fir dass mir déi Betraffenen nees beschtem Wëssen an Gewëssen fleegen kennen. An dëst ass net nëmmen nice to have, mä mir verdéngen näischt manner wéi dat!

Hëlleft eis méi Gehéier ze kréien. Zielt Ären KollegInnen wat mir maachen an dass et sech lount d'ANIL ze ënnerstëtzen!

Och den rôle propre vun der Infirmièren an dem Infirmier gëtt säit Joerzénge ëmmer méi ageschränkt duerch Prozeduren, déi dovunner ausginn, dass evidenz-baséiert Fleeg d'Besoinen vun den Betraffenen an d'Expertise vun den Infirmièren an Infirmieren ignoréieren soll. Mat dësem Messverständnis wëllen mir an dëser News opklären. Och wëllen mir en Abléck doranner ginn, wéi d'Wëssenschaft an d'Praxis integréiert kann ginn. Den Management spillt an dësem Punkt och eng enorm wichteg Roll. Dowéinst wäerten mir eis an der nächster ANIL News dem Thema widmen.

Anne-Marie Hanff,
Présidentin vun der ANIL
presidente@anil.lu

Assurez votre appart' en 3 clics



GoodStart.lu

L'assurance appartement
qui simplifie la vie.

www.goodstart.lu

LOCATAIRES &
PROPRIÉTAIRES

 **Bâloise**
Assurances

Nomination des premiers professeurs en sciences infirmières

Le Conseil de Gouvernance de l'Université du Luxembourg a nommé Mmes Laurence Bernard et Marie Friedel professeurs titulaires en sciences infirmières qui développeront conjointement une offre d'études complète en sciences infirmières à l'Université.

Laurence Bernard est titulaire d'un doctorat en sciences infirmières et rejoint l'Université après avoir travaillé à la Faculté des sciences infirmières de l'Université de Montréal. Elle a dix ans d'expérience en tant que professeur et a publié dans les domaines de la sécurité des soins de santé et, récemment, des pandémies, mais aussi de la théorie critique, notamment le féminisme, le postmodernisme ou le socioconstructivisme. Laurence Bernard détient les citoyennetés canadienne et belge et parle couramment le français et l'anglais.



Laurence Bernard



Marie Friedel

Marie Friedel est née au Luxembourg et a la double nationalité française et allemande. Elle est titulaire d'un doctorat en santé publique. Marie Friedel a travaillé comme collaboratrice scientifique à l'Institut de Recherche Santé et Société (IRSS) de l'Université Catholique de Louvain et enseigne depuis plus de 20 ans au département des soins infirmiers et obstétriques de la Haute Ecole Léonard de Vinci à Bruxelles. Ses activités de recherche, basées sur des méthodes mixtes et une forte approche collaborative, portent sur les soins

palliatifs pédiatriques, la mesure des résultats dans les soins de santé, l'éthique et la formation en soins infirmiers. Marie Friedel parle français, anglais, allemand et italien.

Afin d'offrir une formation en soins infirmiers à un niveau académique, le gouvernement a mandaté l'Université du Luxembourg pour élaborer une gamme complète de programmes de bachelors en soins infirmiers. Au total, sept nouveaux bachelors dans différents domaines des soins infirmiers sont prévus pour être lancés progressivement à partir de septembre 2023: des bachelors en ATM de chirurgie, des bachelors pour des infirmiers en anesthésie et réanimation, en pédiatrie, en santé mentale, suivis en 2024 par un bachelors de sage-femme et en radiologie ainsi qu'un bachelors en soins infirmiers généraux.

Les programmes d'études combineront une formation théorique utilisant les technologies les plus récentes avec une formation pratique dans les hôpitaux et en collaboration avec les différents instituts au Luxembourg ainsi qu'avec des partenaires étrangers.

Laurence Bernard et Marie Friedel sont toutes deux infirmières de formation. Le Prof. Laurence Bernard prendra ses fonctions en octobre 2022 et le Prof. Marie Friedel en novembre 2022. Leur affectation principale sera le Département Sciences de la vie et médecine de la Faculté des Sciences, des Technologies et de Médecine (FSTM). Les deux professeurs auront un rôle important dans la mise en place et la coordination de la formation en soins infirmiers à l'Université. Ils seront également responsables du développement de la recherche en sciences infirmières à l'Université du Luxembourg.

Le recteur de l'université, Stéphane Pallage, a déclaré: «Ces nominations constituent une étape importante pour l'Université du Luxembourg sur la voie d'une formation académique en soins infirmiers attractive au Luxembourg. Marie Friedel et Laurence Bernard apportent à l'Université une riche expérience, des personnalités orientées vers les gens et une vision claire du développement et des besoins de la profession infirmière.»

Source:

Communiqué de l'Université du Luxembourg

Network Clinical Nursing Sciences Luxembourg

De berufsethesche Kodex vun den Infirmière beseet, dass d'Infirmièren aktiv en professionellt Wëssen opbaue sollen, dat op Fuerschung baséiert.

De 25. Februar 2021 huet d'ANIL de **Reseau fir klinesch Fleegwëssenschaften** (*Network Clinical Nursing Sciences Luxembourg - NCNSL*) gegrënnt.

Den iwwegräifenden Objektiv vun dësem Netzwierk ass d'Promotioun vum Evidence Based Nursing duerch:

- **Ënnerstëtzung:** vu Projeten um Terrain zur Promotioun vun enger Fleeg déi op wëssenschaftlechen Resultater berout (bspw. Uspriechpartner fir Leitlinnen déi d'Fleeg betreffen),
- **Vernetzung:**
 - Infirmièren, déi un der Evidence Baséierter Fleeg, der Fleegwëssenschaft an -fuerschung interesséiert sinn,
 - Potentielle Kooperatiounspartner,
 - Potentiellen Interviewpartner,
- **Sammlung an Diskussioun** vun nationalen an internationalen:
 - Projeten zur Promotioun vun evidence baséierter Fleeg,
 - fleegwëssenschaftlechen Projeten,
 - Best Practices,
 - Systemer.

- **Informatioun a Motivatioun:** vun den Infirmièren an Infirmieren zur Weiterbildung mat engem international unerkanntem Ofschluss an zu méigleche Karriären an der Fleeg,
- **Fleegfuerschung:** (Ënnerstëtzung bei der) Duerchféiere vu Fleegfuerschungsprojeten (Hergestelltung vun Kontakter, Multiplikator / Verbreedung vun Informatiounen zur Studie, ...),
- **Wëssensaustausch:** zu Methoden an Erfahrungen an der Fleegfuerschung an -wëssenschaft (Formatiounen, Präsentatioune vu Fuerschungsprojeten, „Journal Club“, ...),
- **Ressourcen:** Austausch vu Ressourcen (Literatur, Methoden, ...),
- **Reduzéierung** vun onnéidegen Iwwerschneidungen.

Interesséiert Persounen, déi wellen matmaachen sinn herzlich Wëllkomm sech op www.anil.lu anzuschreiwen. Sitt Dir interesséiert um Thema? Dann fannt Dir an dëser Ausgab e puer Beispiller vun Projeten vun eise Membere. Eis Beiträg ginn mam **#NursesCanSciences** markéiert, soudass Dir dës op den sozialen Medien eremfannt.

Weider Informatiounen fannt Dir op www.anil.lu. Bei Froen kann déi folgend Address direkt kontaktéiert ginn: info.NCNSL@anil.lu.

La naissance d'un enfant est le plus beau cadeau ...

... Mais avec Banque Raiffeisen, ce n'est pas le seul !

Nouveaux parents ? Recevez une Baby Box et un bon d'épargne de 50€ à faire valoir sur l'un de nos produits d'épargne Green Code KIDS, R-Junior ou R-PlanInvest.

Rendez-vous sur www.raiffeisen.lu/baby-box



La Banque qui appartient à ses membres



Resumé: Firstellung an zukunftsgerichtet Diskussioun vun der LëtZCare Etüd. Aarbechtsufuerderungen am lëtzebuerger Flegeseceur



An diesem Artikel resümieren mir d'Präsentatiounen an d'Diskussiounen vum Evenement den 20.10.2022 am Parc Hotel Alvisse. **D'Präsentatiounen souwéi d'Table Ronde fannt Dir um Site vun der ANIL (www.anil.lu).**

Präsentatioun vum Martha Fernandez de Henestrosa: Ein Forschungsprojekt zur Beurteilung der Arbeitsanforderungen im luxemburgischen Pflegesektor

D'ANIL huet zesumme mat der Uni.lu d'Etüd „LëtZCare“ lancéiert fir d'Aarbechtsufuerderungen an hir Auswierkungen op déi psychesch Gesondheet vun den Infirmieren ze analyséieren. D'Daten goufen am Abrëll 2021 erhuewen. Et besteet d'Méiglechkeet des Etüd och op aner Fleegeberuffer auszewäiten.

Aktuell ginn 2/3 vun den Infirmieren am Ausland rekrutéiert. Ouni si géif de System net funktionéieren, mee de Problem ass, dass 42% vun den Infirmiere bis 2034 an d'Pensioun ginn.

Fir d'Etüd am Kader vun hirer Dokteraarbecht huet d'Martha Fernandez vun der Universitéit Lëtzebuerg Aarbechtsmerkmalen (z.B. emotional a kierperlech Ufuerderungen, Zäitdrock oder Ressourcë wéi Autonomie, Führungsqualitéit a Feedback) vum Beruff qualifizéiert esou wéi de Stress an d'Aarbechtsqualitéit

analyséiert. Verschidde Froen hunn ob d'Emotiounen (Wut, Angscht, etc.) vum Personal ofgezilt an de Lien zur Motivatioun, bspw dem Risiko vun engem Burn-out duerch d'Aarbecht, gezunn.

D'Iddi ass et de Bols ze fillen, esou wéi Léisungen a Prioritéiten ze definéieren. Matmaache konnten Infirmieren tëscht 18 a 65 Joer, déi opmannst mi-temps a säit 6 Méint zu Lëtzebuerg schaffen. D'Duerchschnitts Aarbechtserfahrung vun den 735 Participanten si 15 Joer. Et si virun allem Lëtzebuerger mat engem Brevet de technicien supérieur.

Aus der Etüd geet ervir dass baal 80% vun den Infirmieren d'lescht Joer opmannst 1x doru geduecht hunn de Beruff ze wiesselen. Als Hauptgrond nennen si mat 48% den Aarbechtswolumen, mee soss och d'Aarbechtzäiten an -inhalter, esou wéi d'Behandlung duerch d'Aarbechtskollegen an d'Responsabel. Mat engem Bléck op d'Statistiken kann ee generell soen, wat d'Personal méi zefridden am Beruff ass a manner riskéiert e Burn-out ze kréien, wat si manner wëllen ophalen.

Fir Burn-out an Aarbechtzefriddenheet ginn et dominant Faktoren: Ëmsou méi héich déi emotional a kierperlech Ufuerderungen an den Zäitdrock, ëmsou méi grouss ass de Risiko fir ee Burn-out. Am Géigenzuch ass de Risiko manner grouss, wann déi sozial Ënnerstëtzung tëscht

den Aarbechtskolleegen an d'kierperlech Ressourcë besser sinn. Och den Alter an den Zäitdrock si wichteg Faktoren.

D'Etüd vergläicht d'Spidol och mat der COPAS/FEDAS. D'Resultater sinn fir béid Secteuren änlech, mee am Spidol ass d'Ausprägung vun Zäitdrock an d'Ufuerderunge liicht méi héich. D'Personal am Spidol kritt méi sozial Ënnerstëtzung, während beim COPAS/FEDAS méi kierperlech Ressourcen (Pausen man, Hellefsmittel) disponibel sinn.

E weidere Verglach ass mam „Quality of Work Index“ (QoW) mat Participante, déi sech net op d'Fleeg beschränken. D'Resultat ass, dass d'Participante vun der Lëtzt Care Etüd méi Zäitdrock an emotional Ufuerderungen hunn. Si hunn och signifikant manner Autonomie a Feedback, mee dofir signifikant méi sozial Ënnerstëtzung wéi z.B. sech enner den ArbeschtskolleegInnen géigensäiteg ze hellefen.

Eng spuenesch Etüd vun Abrëll 2020 huet änlech Resultater erausfonnt. Zu Lëtzebuerg ginn et keng vergläichbar Donnéeën aus der Pré-Covid Zäit, mee eng däitsch Etüd vergläicht pré an after Covid an et koum en Negativtrend eraus: d'Hallschent vun de Participante sinn elo manner zefridden.

Sabine Brase: Personalmangel in der Pflege. Packen wir es an!

D'Sabine Brase, Directrice des Soins am Klinikum Oldenburg, huet an hirem Virtrag erkläert, dass et an de Klinicke vill Verännerunge ginn duerch d'Globaliséierung, d'Digitaliséierung a rezent d'Pandemie. Nëmme wien sech upasse kann, kann erfollegräich sinn/bleiwen. Mir sinn an engem Wiessel vun enger Industrie- an eng Wëssensgesellschaft, doduerch ännert sech d'Struktur vun den Aarbechtsplazen, dës gi méi autonom an d'Hierarchie flaacht of.

An der Fleeg mierkt een aktuell, dass d'Personal midd ass. Si sinn onzefridden, ënnerbesat a vill resignéieren, well si net méi kennen. Vill Infirmiere wiesselen de Beruff oder reduzéieren hir Stonnen. Parallel kënn net vill qualifizierten Nowuess no, bspw brieche d'Leit d'Ausbildung of.

Gläichzäiteg klëmmt den **Usproch un d'Cheffen**. Si mussen et hikréien, dass hir Mataarbechter bleiwen, an zousätzlech déi richteg nei Infirmieren rekrutéieren. Heizou mussen si den Matarbeschter Respekt a Wäertschätzung entgéigen bréngen an hinnen et erméiglechen, sech ze verwierklechen a weiderentwéckele. Chef de services sinn oft gläichzäiteg Chef a Mataarbechter. Doduerch hunn si villfälteg Bedürfnisser a brauchen Handlungsspillraum a Begleedung, fir eppes ze änneren. Duerch déi Duebelbelaaschtung brauchen si och Entlaaschtungsmaassnamen. Si sollten e Virbild kenne sinn. Si mussen Wohlwollen hunn an Iddie fir Verännerung a Verbesserung hunn (visionäert Denken, Charisma, Wäertschätzung, Stimuléierung, Inspiratioun, Stressresistenz). Si sollen den Fleegekräfte Sënn vermëttelen an si inspiréieren, fir dass si hir Aar-

becht net nëmme gutt maachen, mee sech selwer wëlle verbessern. Si hunn och ëmmer en Aen op déi Jonk a kucke wien hir Positioun an Zukunft anhuele kéint am Sënn vum strukturellen Empowerment. Heibäi schwätzt een éischerter vun Leadersip ewéi vum Management. Resultater sinn manner Burn-out a Fluktuatioun, méi Zefriddenheet a Motivatioun bei de Mataarbechter.

- Schlecht Cheffen, déi d'Equipe weder leeden nach ënnerstëtzen, me just fuerderen

Zentral ass e positive Leadership, d.h. d'Stärkte luewen am plaz ëmmer alles ze kritiséieren.

D'Mme Brase beschreiw déi folgend Iddien a Konzepter fir d'Praxis:

- Room of Error: et ass d'Plaz fir iwwe Feeler déi gemaach goufen ze schwätzen, erauszefanne firwat dës Feeler geschitt sinn an als Equipe aus dës Feeler ze léieren et besser ze maachen. Esoumat kann eng Institutioun zu enger «organisation apprenante» ginn, wou de Patient an de Mataarbechter sech a Sécherheet spieren.
- Och en Austausch tëscht Spideeler ass wichteg, well iwwe all ginn et déi selwecht Prozess a Feeler, an et kenne gemeinsam Léisungsusätz ginn.
- Events organiséieren (z.B. Octobre Rose, mee och Dag vun der Fleeg fir Mataarbechter)

En Arbeschtgeber ass nemmen sou gutt wéi säin Personal. Fir d'Personal un d'Institutioun ze bannen, beschreiw si als anere wichtegen Usaz e Projet aus dem Klinikum Oldenburg, wou si d'Personal froe wat si an hirer Fräizäit maachen, wat hir Stärkten an Talenter ausserhalb vun der Aarbecht sinn. Dës zousätzlech Ressourcen a Qualifikatioune wéi bspw. Sängen oder en Instrument spillen, bauen si op der Aarbecht an. Wann dann och nach doriwwer geschwat oder geschriwwen gëtt - an der interner Zeitung, um Internetsite - bënnt dat d'Personal un seng Institutioun.

D'Fleegedirectrice fiert weider: **Wann mir méi Personal brauchen, mussen mir och méi ausbilden.** Dëst gëtt méiglech duerch den direkten Kontakt zu Lyceeën an Universiteiten. Am Alter vun tëscht 10 an 12 Joer entscheiden d'Kanner a wéi e Secteur si wëlle schaffe goen. Dofir ass et ze spéit fir a 9^e Klassen ze goen, et muss een op spéitstens an d'7^{iem} goen. Sënnvoll kennen och Formatiounsfoire beim Arbeschtgeber sinn, mat Virstellung vun Ausbildungsméiglechkeeten, Berodung vu RH / Service Formatioun an opweise vun de Perspektiven am Beruff. Well Elteren oft e falscht Bild vum Infirmiersberuff an dem Gesondheessektor hunn, ass et och wichteg ob Elterenowenter ze goen, fir do de Beruff virzestellen an esou ze verhënnern, dass d'Elteren hire Kanner ausrieden an d'Fleeg ze goen. Schon während der Infirmièresformatioun ass dann den Preboarding wichteg. Dobäi kéinten bspw. scho LTPS Studenten un d'Spidol gebonnen ginn duerch interessant Offeren an e nohaltegen Encadrement.



Kooperatioune mat internationale Schoulen an Uni'en erméiglechen en internationalen Austausch an **d'Openheet fir aner Solutiounen ze promovéieren**. D'Mme Brase féiert aus, dass et sech lount Weiterbildungen an Spezialisatiounen unzeerkennen. Eng Persoun déi op d'Universitéit géing goen, géing net d'office vun der Praxis fort goën. Oft wéilt si einfach just méi Wëssen, méi Formatioun, fir d'Patienten esou gutt wéi méiglech kennen ze fleegen. Ganz nom Sënn „Die Besten ans Bett!“. Heizou misst och d'Recherche méi an d'Praxis agebonnen ginn: Fleegefuerscher ginn a Servicer, kucken sech erausfuendernd Situatiounen un, recherchieren dozou, tauschen sech aus a verbannen esou Theorie mat der Praxis. D'Fleegepraxis gëtt **empowert** sech selwer ze hëllefen.

Fir d'Effizienz ze steigern müssen laut der Mme Brase, den Opwand an de Besoin zesumme passen. De Patient deen am meeschte oder déi komplexten Fleege brauch, muss de beschten Infirmier zur Säit hunn an net eng Hëlleskraaft oder e Stagiär, well den Infirmier keng Zäit huet, well en dobäi ass Material opzefellen. E Chef de service muss seng Leit kennen, hier Stärkte fuerderen a si richtig andeelen: „**Déi richtig Persoun fir déi richtig Arbescht**“. Dobäi géing Drock entstoen duerch den falschen Asaz vu Ressourcen, z.B. Infirmiëren déi Patiententransporter maachen oder Schief araumen. Et wier besser dofir manner qualifizéiert Personal anzustellen, an d'Infirmierspersonal un der Säit vun de Patiente loossen.

Table ronde mam Nora Back, Sabine Brase, Daniela Collas, Dr. Carine Federspiel, Anne-Marie Hanff a Paulette Lenert, moderéiert vum Annick Goerens

Den gréissten Deel vun den Participanten vun der LëtZCare Etüd schafft am hospitalièren Beräich. D'Dr. Federspiel weist sech allerdéngs net iwerrascht an bericht vun änlech Resultater an der Langzäitfleeg. Fir emotionaler Middegkeet a Burn-out virzebeugen, de Beruff méi attraktiv ze maachen an d'Leit un de Secteur ze banne wier de „Parrainage“ eng Iddi: E Jonke kritt en erfuerene Mataarbechter un d'Säit gestallt, deen hie beroden an him hëllef kann.

Burn-out kann e moossen, wann een dofir geschoult ass. D'Chefs de service müssen d'Signaler kennen

erkennen, ier et ze spéit ass. Bei participativen Aarbechtsgruppen kennen d'Mataarbechter matschaffen an hire Standpunkt abréngen. Dëst feiert zu enger positiver Verännerung, déi si mat bestëmmen konnten.

Thema waren och d'Aarbechtszäite déi schwéier ze verhandelen sinn. Et feelt u Flexibilitéit, wann ee säin Aarbechtsplang eréischt 7 bis 10 Deeg am Virus kritt an doduerch säi Privatliwen net plangen kann (schlecht Work-Life Balance). Den Finanzement vun mobilen Equipen, déi bei Ausfäll apsrangen kennen, kéinten dem Employeur an dem Infirmier Plangsecherheet ginn an de Beruff méi attraktiv maachen.

D'Participanten sinn sech eenz, dass zwee ennerschiedlech Kollektivverträg (hospitalier an extra-hospitalier) net sennvoll sinn. Et muss méiglech sinn ouni finanziell Verloschter tëscht dem Spidols- an dem Secteur extrahospitalier ze wiesselen. D'Kollektivverträg mussen fusionéiert gi fir déi selwecht Bedingunge fir jiddereen ze schafen. Allerdéngs ass een sech net iwwert d'Detailer eenz.

Iddi'en um Gesondheitsdesch:

- **Opwärtung vum Beruff:** Klischeeën opléisen an d'Villfältigkeet vum Beruff opweisen an dem Beruf vun der Infirmière en méi héigen Stellenwäert an strategesch Decisiounen souwéi an eiser Gesellschaft ginn. Dobäi soll een net nemmen op d' Problemer hiweisen me och déi positiv Aspekter ewéi d'Weiderbildung a Spezialisierungsméiglechkeeten erfir hiewen. D'Infirmière solle stolz op hire Beruff sinn an sech net müssen erklären firwat si trotz allem den Beruf gewielt hunn.
- Bei der **Reforme vum Exercice** vun der Infirmière, muss onbedéngt eng Upassung vum Berufsbild un d'Realitéit geschéihen: Aktuell spigelt dat wat um Pabeier steet net d'Praxis erëm. Et brauch eng nei Aarbechtsopdeelung fir Kompetenz ideal anzusetzen.
- **D'Digitaliséierung** soll Aarbechtsprozesser verbessern an den Infirmier entlaaschten, fir dass e méi Zäit fir de Patient huet, deen am Zentrum stoe sollt. Et muss landeswäit bessert Computermaterial kaf ginn, fir d'Digitaliséierung unzedreiwen, d'Dokumentatioun (déi wichteg ass fir de Suivi, Tracen, an sech ofzesécheren) ze vereinfachen an Zäit a Geld ze spueren. Wat den Dossier de soins partagé ugeet, fënnt ee kee gemeinsamen Nenner. Et misst eng Méiglechkeet ginn, dass een di verschidde Systemer kéint mat enee vernetzen.

Et muss een deene Jonke Perspektive weisen a Spezialisierungen erméiglechen. Dat ass aktuell fir d'ANIL schwéier, well et kee transparenten, duerchgängegen, logeschen Opbau, keng **Träppche vun enger Qualifikatioun zur nächster gëtt**, déi een eropklamme kann. Dorun ännert och di aktuell Propose vum Bachelor en soins généraux näischt, wou et weiderhinn onméiglech ass vun der Aide-Soignante an d'Infirmièresformatioun ze wiesselen an den Infirmier en soins généraux genee ewéi déi

dorobb opbauend Spezialisatiounen um nämlechten Niveau bleiwen, d.h. allen zwee en Bachelordiplom kréien.

Dobäi gëtt ennerschaat, dass eng **Investitioun an d'Ausbildung vum Personal sech och lount**: Duerch besser ausgebild Personal, geet d'Zuel vun Hospitalisatiounen erof, well méi präventiv geschafft gëtt, och mat Hausvisitten. Et ass eng Investitioun an d'Gesondheet op Dauer. Wann d'Leit méi gesond sinn, spuert ee Suen, well Hospitalisatiounen si méi deier (fir de Staat an de Patient) wéi Präventivmedizin an Ausbildung.

Déi wichtegst Punkte fir de Personalmangel kuerz- a laangfristeg ze léisen:

- Prozesser, Qualifikatiounen vun de Fleegenden an d'Arbechtsbedingunge verbessern
- D'Bild vun der Fleeg besser vermëttelen: wat gëtt et alles vun Aarbechten an dëse Beruffer, wéi gëtt am Team geschafft, wat sinn déi relational a sozial Aspekter vun dëser Aarbecht. Eng Verbesserung vum Berufsimage kéim och all deenen, déi schaffen ze gutt.
- De Beruff a seng Virdeeler an de Virdergrond stellen
- Eng gutt Ausbildung ass eng gutt Basis
- Digitaliséierung = Déier am Uschaffen, mee effizient am Gebrauch
- De Patient an de Mëttelpunkt stellen an d'Infirmièren bei allem wat net direkt mat der Fleeg ze dinn huet ennerstetzen (Transport, Logistik, verschidden Dokumentatiounen, asw.). Keng duebel Dokumentatiounen (digital a Pabeier) méi musse maachen.
- De Chief Nursing Officer soll e Staff zur Verfügung an Matsproocherecht bei strategeschen Decisiounen hunn
- Mat besseren Aarbechtsbedingungen a méi Wäertschätzung géifen eng Partie Leit erëm Vollzäit schaffe wëllen, wat de Personalmangel léisen an d'Zefriddenheet verbessere géif. Dem neie Fleegepersonal och direkt en CDI ubidden.
- D'Ministerin kämpft dofir, dass de Secteur an öffentlecher Hand bléift fir en öffentlech finanzéierten an héichwäertege System ze garantéieren.

Zum Ofschloss gouf vum Anne-Marie Hanff nach eng Kéier drop higewisen, dass et wichteg wier am Sënn vun enger Shared Governance eng Statiounsleedung an e Fleegeexpert pro Statioun ze hunn, déi op Aenhéicht mat enee schaffen, wou deen ee fir d'Organisatioun an deen anere fir d'Fleeg zoustänneg ass. Dëst géif déi fleegeresch Expertise valoriséieren an op den gläichen Niveau stellen ewéi den Manager. Dëst wier haut nach net den Fall.

Autoren:

Nadine KREMER,

Chargée de communication (CHEM)

Marie-France LIEFGEN

an Anne-Marie Hanff, ANIL



HINWEIS FUER DIE KOMMUNIKATIONSBEAUFTRAGTEN

AVIS AUX RESPONSABLES DE LA COMMUNICATION

Machen Sie Ihre Projekte für Pflegende in Luxemburg sichtbar

Rendez vos projets visible pour les infirmières et infirmiers au Luxembourg

Möchten Sie ein Projekt/ einen Fachbeitrag zur beruflichen Praxis oder zur Pflegewissenschaft mit der luxemburgischen Gemeinschaft der Krankenpflege teilen?

Kontaktieren Sie uns! Gerne unterstützt die ANIL Sie dabei Ihren Beitrag mit Hilfe unserer ANIL NEWS zu verbreiten.



Vous désirez de partager un projet/ article concernant la pratique professionnelle ou les sciences infirmières avec la communauté des infirmières et infirmiers au Luxembourg?

Contactez-nous! L'ANIL est contente de vous aider à faire passer le message dans notre ANIL NEWS.

Einreichfrist für Ihre Beiträge

Délais pour l'envoi des articles/

- **April / avril:** 01.03.
- **September / septembre:** 01.08.
- **Dezember / décembre:** 01.11.

Etude Letz-Care - Résumé: Présentation et discussion prospective de l'étude LetzCare. Exigences de travail dans le secteur des soins au Luxembourg



L ANIL a lancé ensemble avec l'Université du Luxembourg l'étude „LëtZ-Care” en vue d'analyser les exigences de travail et les répercussions sur la santé psychique du personnel infirmier. Les données traitées ont été recueillies en avril 2021 et se rapportent uniquement au personnel infirmier.

Actuellement 2/3 du personnel infirmier travaillant au Luxembourg est recruté dans les pays limitrophes (France, Belgique, Allemagne). Jusqu'en 2034, 42% des infirmiers prendront la retraite.

Dans le cadre de son doctorat, Mme Martha Fernandez de l'uni.lu a rassemblé et analysé les caractéristiques du travail infirmier, comme p.ex. les exigences émotionnelles et physiques, la pression de temps et les ressources comme l'autonomie, les qualités de leadership et le feedback ainsi que le stress et la qualité de travail.

Tous les infirmiers entre 18 et 65 ans avaient la possibilité de participer à l'étude, travaillant au Luxembourg depuis six mois. 735 personnes ont participé avec une moyenne de 15 ans d'expérience professionnelle - la plupart des luxembourgeois avec un BTS infirmier (brevet de technicien supérieur)

70% des infirmiers ayant répondu au questionnaire, ont pensé au moins une fois pendant l'année passée de changer de profession. Les causes les plus fréquemment nommées sont: le volume, les horaires et les

contenus de travail, la relation avec les collègues et les supérieurs.

Les résultats entre les personnes travaillant en milieu hospitalier sont similaires avec ceux de l'extra-hospitalier (maisons de soins et soins à domicile). A l'hôpital le soutien social semble mieux fonctionner tandis qu'en milieu extra-hospitalier, il y a plus de ressources disponibles. En comparaison avec le „Quality of Work Index”, les infirmiers sont soumis à plus d'exigences émotionnelles et de pression de temps, ils ont moins d'autonomie et de feedback dans le travail quotidien, par contre ils profitent d'un soutien social plus important.

Une partie du personnel infirmier est fatiguée, insatisfaite, en sous-effectif et résigne parce qu'elle n'en peut plus. Il y a des changements de profession et des réductions du temps de travail et en parallèle, peu de relève par des jeunes qualifiés; beaucoup d'élèves arrêtent la formation en cours.

Quelques pistes de réflexion émises lors de la conférence et de la table ronde:

- Améliorer les qualifications des soignants, les processus de soins / de décisions ainsi que les conditions de travail
- Mieux communiquer l'image réelle de la profession infirmière: quels sont les différents aspects

très variés de cette profession, quelles en sont les exigences relationnelles et sociales, quels sont les avantages de la profession soignante, comment travailler en équipe interdisciplinaire? Une autre image de la profession profiterait non seulement à un meilleur recrutement mais également à tous ceux qui sont en exercice.

- Mettre le patient / résident au centre des préoccupations et redonner la place du soignant auprès du patient / résident: toutes les tâches accessoires doivent être prestées par du personnel administratif et logistique, toute documentation doit être facilitée par une digitalisation bien pensée, plus de documentation double (papier et ordinateur) même si ceci coûte cher au début, aussi bien en matériel qu'en formation du personnel.
- Transformer le poste de «Chief Nursing Officer» au sein du Ministère de la Santé en division autonome avec le personnel nécessaire pour les missions à mener et des droits de décision en la matière de soins.
- Room of Error: pouvoir parler d'une faute commise sans avoir peur de répercussions, analyser les causes et apprendre pour que ceci ne se reproduise plus. Devenir une «organisation apprenante» dans laquelle le patient / résident et le collaborateur se sentent en sécurité. Un échange entre les institutions pourrait être une plus-value – chaque institution travaille avec des processus et des erreurs peuvent apparaître partout - les institutions peuvent apprendre par / avec les autres.
- Rendre les directions et les chefs de services plus autonomes et plus responsables, dans le sens de l'empowerment: vivre un leadership positif, créer un milieu de travail basé sur la confiance, organiser des réunions pour écouter les propositions du personnel travaillant auprès du patient / résident.
- Lier les élèves / étudiants à l'institution dès la formation par un encadrement durable et des offres intéressantes : formations continues avec possibilité d'un travail différent / diversifié - ceci vaut également pour le personnel plus âgé.
- Rencontrer les élèves et leurs parents dès la fin de l'école primaire - au plus tard au début du secondaire, car les choix professionnels se font tôt. Leur parler de toutes les perspectives de l'infirmière. En classe de 9e, comme il est le cas depuis 30 ans, il est trop tard pour intéresser les jeunes à la profession de l'infirmier
- Soutenir la recherche en soins et l'intégrer dans la pratique: les chercheurs vont sur le terrain, observent et constatent, font des recherches et retournent avec leurs résultats sur le terrain pour faire avancer la pratique.
- Créer une double responsabilité de service : un responsable organisationnel et un responsable par rapport à la qualité de soins - les deux seront hiérarchiquement identiques et responsables pour deux domaines tout à fait indépendants.

Auteur:

Marie-France LIEFGEN

Infirmière et Membre du comité de l'ANIL



Avec UrgoK2 débutez la cicatrisation

URGO
MEDICAL
Healing people®

et



la vie continue



UrgoK2



Confortable⁽¹⁾

Quel que soit le niveau de mobilité des patients, de jour comme de nuit.



1^{ère} intention⁽³⁾

Système de compression multitype conforme aux recommandations de la HAS.



Compression continue et fiable^(1,2)

Effet de massage à la marche + pression modérée au repos.



ULCÈRE DE JAMBE VEINEUX OU MIXTE A PRÉDOMINANCE VEINEUSE (IPS \geq 0,8)⁽⁴⁾, ŒDÈME D'ORIGINE VEINEUSE, LYMPHŒDÈME.

1) Hors UrgoK2 Latex Free. (2) European Wound Management Association (EWMA), Management of Patients With Venous Leg Ulcers: Challenges and Current Best Practice (multicomponent system). J Wound Care. 2016; Jan; 25(1):5-11-567. (3) Jorgler et al. Combination of interface pressure and direct compression bandage systems used on healthy volunteers. J Wound Care (2009) 20(11): 474-80. (4) Bon usage des technologies de santé. La compression médicale dans les affections veineuses chroniques. Document de la Haute Autorité de Santé, disponible sur le site www.has-sante.fr. (5) Prise en charge de l'ulcère de jambe à prédominance veineuse hors pression. Juin 2006. Document de la Haute Autorité de Santé, disponible sur le site www.has-sante.fr.
UrgoK2 et UrgoK2 Latex Free - Système de compression multitype à bande à pression contrôlée. Indications : Traitement de l'ulcère veineux de jambe et/ou des œdèmes du membre inférieur, pour lequel une compression forte est recommandée, chez l'adulte. Contre-indications : Pathologie artérielle modérée ou sévère, avec indice de pression systolique (IPS) \leq 60 - Patient souffrant de thrombose veineuse, de phlébite ou de varices (pression élevée associée avec compression élevée), de phlébite veineuse - Ulcération ou œdème d'origine infectieuse - Insuffisance cardiaque congestive décompensée - Patient avec antécédent de portage post-arteriel - Hypertension chronique à l'un des constituants, en particulier le latex pour UrgoK2. Intégrément remboursable UFR (Séc. Soc. 60% - Mutualité 40%) dans le traitement de l'ulcère de jambe d'origine veineuse (IPS \geq 0,8). Dispositif Médical de classe I. Lire attentivement la notice avant utilisation. Laboratoire Urgo - 17204



WE NEED YOU!

Wéi een am Rapport d'Activité gesäit, finanzéiert sech d'ANIL ausschliisslech duerch hier Memberen an d'ANIL News. Dëst ass eis vun immenser Wichtigkeet, well mir eis heiduerch fräi vun Interesseskonflikter fir d'Infirmiëren an d'Infirmieren zu Lëtzebuerg anzesetzen. Wärend aner Associatiounen duerch Sponsoren hier Aktivitéite finanzéieren hunn mir dës finanziell Ënnerstëtzung bewosst net.

2023 wëlle mir weider wuessen an nei Projeten ugoen. Dobäi si mir op d'Ënnerstëtzung vun iech ugewisen. Wëllt Dir d'ANIL dobäi ennerstëtzen weiderhin als Stëmm vun der Infirmière an der Gesellschaft a Politik aktiv ze sinn?

Kennt Dir Infirmiëren oder Infirmieren déi nach net Member bei eis sinn?

Dann maacht si op eis Associatioun opmierksam an hëlleft eis nei Memberen ze rekrutéieren.

D'ANIL ass elo och unerkannt, als Association d'utilité publique. Dons kennen also vun de Stéieren ofgesat ginn.

CCPLLULL: LU92 1111 0581 9188 0000

BCEELULL: LU65 0019 1100 7517 5000

BGLLULL: LU48 0030 5685 1431 0000

Villmoools Merci fir d'Ënnerstëtzung!



SERVIOR 
RECRUTE

ce que nous proposons:

Le plus grand gestionnaire d'hébergements pour seniors au Luxembourg
Groupe luxembourgeois
Opportunité de carrière et de mobilité géographique au sein du groupe
Grande inter-professionnalité
Convention collective (CCT-SAS)
Hauts standards de qualité
Outils de travail performants
Culture de formation très développée

jobs.servior.lu

>>> **Chef de département / Chefs de Service - "Soins & Encadrement" (m/f)**
Pflegedienstleiter / Stationsleiter - "Pflege und Betreuung" (m/w)

>>> **Infirmiers diplômés (m/f)**
geprüfte Gesundheits- und Krankenpfleger (m/w)

>>> **Aides-soignants (m/f)**
Altenpfleger (m/w)

Bofferdange, Diekirch, Differdange, Dudelange, Echternach, Esch/Alzette, Howald, Luxembourg-Ville, Niederborn, Remich, Rumelange, Troisvierges, Vianden, Wiltz

>>> **"Däi Beruff fir d'Liewen, op jobs.servior.lu"**

Carte Blanche:

D'Kompetenz ze wëssen, wat mir net wëssen

Am Buch vum Organisatiounspsycholgue Adam Grant mam Titel „Think again. The power of knowing what you don't know» betount hien d'Wichtigkeet dovun, eis Meenungen och mol z'iwwerdenken. Esou en „wëssenschaftlecht Denken», sou schreift hien, kann eis hëllef, nei Léisunge fir al Problemer ze fannen. Wat dëst mam Infirmiersberuff ze dinn huet, weist d'Anne-Marie Hanff, Infirmière an Doktorantin an der Fleegewëssenschaft.

Déi meescht vun eis sinn houfreg op hiert Wëssen an dorop, dass si hiren Iwwerzeugungen trei bleiwen. Dat ergëtt Sënn an enger stabiller Welt, wou sech näischt verännert, mä net an der Fuerschung

Eng fundamental Kompetenz vun engem Wëssenschaftler ass et nämlech grad, Saachen nei ze denken. Wëssenschaftler ze sinn, ass dobäi net nëmmen e Beruff, et ass och eng Haltung, eng Denkweis, déi no der Wourecht sicht.

Wëssenschaftler fänken net mat Äntwerten oder Léisungen un, mä mat Froen. Si priedegen net eppes aus hirer Intuitioun eraus, mä si leieren duerch Beweiser. Dobäi siche si no Grënn, firwat si falsch leie kéinten, an net no Grënn, firwat si Recht mussen hunn. Well während anerer der Meenung sinn, dass et en Zeeche vu Schwächt ass, seng Meenung z'änneren, ass et fir e Wëssenschaftler en Zeeche vun intellektueller Integritéit!

Et geet net ëm hien, mä drëms, d'Wësse fir jidderee weider z'entwëckelen. An dobäi muss ee kee Wëssenschaftler sinn, fir wei e Wëssenschaftler ze denken.

Fir erauszefannen, wat déi wierklech grouss Presidenten aus den USA ausgezeechent huet, hunn Experten an

Historiker si beurteilt. An entgéint den Erwaardungen, hunn si sech beispillsweis net duerch hiren Éiergäiz oder hiert Wëssen ausgezeechent. Entscheedend war hiren intellektuelle Virwëtz an hir Oppenheet. Si waren drun interesséiert, nei Usiichten ze héieren an hier al Usiichten ze iwwerpräiwen, amplaz alles z'ignoréieren, wat net zur Gonscht vun hire Wieler war. Obwuel si Politiker waren, hu si d'Problemer dacks wéi e Wëssenschaftler geléist.

Leider fënnt esou en Ëmdenkprozess heefegt net statt. Dëst erkennt een un Aussoen ewéi „Dat hu mir schonn ëmmer sou gemaach“. Op d'Fleeg bezunn, ass déi Ausso de Géigendeel vun enger Evidenz basierter Fleeg, d.h. enger Fleeg, déi hir Handlungen hannerfreet an hir Entscheidung mat wëssenschaftlechen Erkenntnisser, hirer Erfahrung an de Besoine vum Patient begrënnt an net domadder, „dass et schonn ëmmer sou gemaach gouf“.

D'Uni Lëtzebuerg huet zwou Professorinnen an der Fleegewëssenschaft ernannt. Jo, de Studium wäert den Infirmièresberuff zu Lëtzebuerg verännere! Mee bei all de Verännerunge bleift d'Infirmière eng Infirmière. Si wäert nach ëmmer fir déi betraffe Leit, hiert Ëmfeld an d'Problemer duerch d'Erkrankung suergen. Si wäert nach ëmmer Matgefill hunn an den Kontakt mat Mënsche gären hunn. Mee eben e bësse méi wéi e Wëssenschaftler denken. An dat kënnst eis all ze gutt!

Autorin

Anne-Marie HANFF

Infirmière an Doktorantin

Literatur

Adam Grant (2022) Think again – Die Kraft des flexiblen Denkens: Was wir gewinnen, wenn wir unsere Pläne umschmeissen. Piper Verlag

The graphic features the ANIL logo on a green background. The logo consists of the letters 'ANIL' in a bold, black, sans-serif font. A red circle is partially visible behind the letters, with its top and right sides cut off. Below the logo, the text 'ASSOCIATION NATIONALE DES INFIRMIÈRES ET INFIRMIERS DU LUXEMBOURG' is written in a smaller, black, sans-serif font. To the right of the logo, on a white background, is a blue thumbs-up icon. Below the icon, the text 'Find & Like us on Facebook' is written in a blue, cursive font, underlined.



SPUERKEESS.LU

Your Bridge to Life



Journées des bonnes pratiques

11. an 18.03.2023

Op Nofro vun eisen Memberen organiséiert d'ANIL den 11. an 18.3.2023 nees d Journées des bonnes pratiques des soins. D Themen ginn als Exposé présentéiert mat uschleissender Méiglechkeet vun enger Démonstratioun.

Wou: am LTPS zu Strossen, 27, rue Barblé

Wéini: vun 8.00 bis 13.00 Auer

Sproochen: Dokumenter ob Franséisch, Méiglechkeet fir Däitsch a Lëtzebuergesch

PROGRAMM vum 11.03.2023: Umeldung bis den 4.3.2023 w.e.g.

Accueil um 8.00 Auer, duerno Présentatioun vun der prise en charge vum Patient mat

- **DIABÈTE** vun der Madame Valérie Dalstein
- **PLAIES CHRONIQUES** vun der Madame Véronique Jacquet
- **TRACHÉOTOMIE, PORT À CATH** vun der Madame Nadine Schartz

Kleng Paus tèschent all Présentatioun

PROGRAMM vum 18.03.2023: Umeldung bis den 11.03.2023

Accueil um 8.00 Auer, duerno Présentatioun vun der prise en charge vum Patient matt

- **GASTROSTOMIE, PEG, SONDE GASTRIQUE** vun der Madame Cecile Py
- **STOMIE DIGESTIVE, UROSTOMIE** vum Här Nicolas Weitz
- **SONDE URÉTHRALE, SUPRAPUBIENNE** vum Här Julien Mancina

Kleng Paus tèschent all Présentatioun

UMELDUNG: um Site www.anil.lu

TARIF: fir e Nëtt-Member: 70 Euro

e Member: 35 Euro

e Student: 20 Euro

Wann Dir de Virement no dem Umeldedatum (04.03 resp. 11.03.2023) gemaacht huet, brengt w.e.g. eng Copie matt, oder dir könnt och ob der Plaatz bezuelen.

Wann dir Froen huet, dann schreiwit eis ob formation@anil.lu oder anil@anil.lu



SENIORENRESIDENZ AM PARK • BISSEN

OUVERTURE JUILLET 2022 (1^{ÈRE} PHASE D'OUVERTURE)

REJOIGNEZ NOS ÉQUIPES PLURIDISCIPLINAIRES ET
CONSTRUISEZ VOTRE AVENIR AU SEIN D'UNE ENTREPRISE
FAMILIALE !

Afin de renforcer nos équipes, Päiperléck recherche les profils suivants :

**Infirmier(ère)s • Aides-Soignant(e)s • Aides Socio-Familiales •
Educateurs • Ergothérapeutes • Kinésithérapeutes •
Psychologues**

Profitez de nos **Journées Recrutement** pour
déposer votre Candidature et rencontrer notre
service RH.

Plus d'informations et Postes disponibles
sur paiperleck.lu/offres-demploi-chez-paiperleck

Päiperléck 
S.à r.l.
Aides et Soins à Domicile - Résidences Seniors

OUVERTURE OCTOBRE 2022 (1^{ÈRE} PHASE D'OUVERTURE)

SENIORENRESIDENZ AM WÉNGERT • CANACH



Pflegewissenschaft im Krankenhausalltag. Geht das?

Das Universitätsspital Basel und die Vision der Praxisentwicklung

Im folgenden Artikel wird eine internationale Konsultation in der Abteilung Praxisentwicklung des Universitätsspital Basel beschrieben. Ziel der Konsultation war es, eine Vorstellung davon zu bekommen:

- Wie man die Pflege bei der Weiterentwicklung unterstützen kann,
- Wie man Pflegende in die Evidenz-basierte Pflege mit einbinden kann und
- Wie man die Kluft zwischen Theorie und Praxis überwinden kann.

Das Universitätsspital Basel verfügte damals über insgesamt 942 Betten, 6500 Mitarbeiter, davon 20% Grenzgänger aus Deutschland und Frankreich. Mehr als 50% der Mitarbeiter arbeiteten in einer Teilzeitstelle. Das Institut für Pflegewissenschaft der Universität Basel befand sich fussläufig vom Universitätsspital, sodass die Pflegeexperten zwischendurch Kurse wie bspw. die klinische Untersuchung des Patienten an der Universität unterrichten konnten.

In der Vision der Pflege stechen folgende Sätze, speziell im Bezug auf die aktive Förderung der Entwicklung der Mitarbeiter und Pflege durch den Arbeitgeber, heraus:

„Wir unterstützen wirksame Modelle und innovative Entwicklungen“ und „Wir stehen für eine personenzentrierte Gesundheitsversorgung“ durch die Schaffung/Unterstützung einer guten Arbeitsumgebungsqualität, die Förderung des professionellen Potenzials der Mitarbeiterinnen sowie dem Einsatz der Mitarbeiterinnen entsprechend ihrer Kompetenzen: „Die Besten ans Bett“

Ein anderer Satz in der Vision der Pflege wird genannt als, „Wir stärken unsere berufliche Souveränität und Autonomie und engagieren uns in Netzwerken“ durch den Ausbau von Expertenwissen sowie von *Shared Governance*. Bei *Shared Governance* handelt es sich um ein formelles Organisationssystem, das neben den Manager vorwiegend Praktiker in Entscheidungsprozesse, die die klinische Praxis betreffen, einbindet und ihnen die Verantwortung dafür überträgt (vgl. McCormack, Manley, & Garbett, 2009, S. 70). Die Eigenverantwortlichkeit der Pflege wird somit gestärkt. Diese Vision bildet das Fundament auf dem die Entwicklung einer eigenverantwortlichen Pflegepraxis im Sinne des Patienten aufbauen kann.

Praxisentwicklung durch ein Karrieremodell „Fachentwicklung Pflege“

Das Konzept der *shared governance* ist Teil des Ansatzes „Praxisentwicklung“. Die Praxisentwicklung bedeutet die eigene Arbeitsweise zu hinterfragen, um die Praxis im Sinne der Patientenergebnisse verändern und verbessern zu können. Dies wird erreicht indem Gesundheitsteams befähigt werden, ihre Kenntnisse und Fähigkeiten zu entwickeln und die Versorgungskultur zu verändern.

Denn dieser Ansatz geht davon aus, dass Menschen grundsätzlich bereit sind, sich weiter zu entwickeln und dass dies allerdings eine Kultur und einen Kontext voraussetzt, die es zulassen Arbeitsweisen zu verändern. Hierbei wird die Weiterentwicklung der Pflegepraxis durch die zielgerichtete Investition in das Potential der Pflegenden unterstützt, damit sie das, was sie für wichtig halten, umsetzen können um eine Versorgungskultur zu schaffen, die Veränderungen ermöglicht.

